Regierungschef 21.06.2018

D'Amt vum Regierungschef oder vun der Regierungscheffin ass eent vun de wichtegsten Ämter am Stat.

De Regierungschef ass, wéi de Numm scho seet, de Chef an de Vertrieder vun der Regierung. Hien ass domat och e wichtegen Deel vun der exekutiver Gewalt vum Stat. Wat d'exekutiv Gewalt vum Stat ass, gëss du an eisem viregte Bäitrag iwwer de Statschef gewuer.

De Regierungschef ass an enger parlamentarescher Monarchie, wéi bei eis zu Lëtzebuerg, de Premierminister oder d'Premierministesch. Datselwecht gëllt fir e sougenannte semi-presidentielle System, wéi zum Beispill Frankräich. A béide Länner sinn de Regierungschef an de Statschef zwou verschidde Persounen. De Regierungschef ass, wéi gesot, de Premierminister, also zu Lëtzebuerg momentan de Xavier Bettel. De Staatschef ass de Grand-Duc. A Frankräich ass de Staatschef awer de President, also am Moment den Emmanuel Macron. A verschiddene Länner kann de Regierungschef och gläichzäiteg de Staatschef sinn, wéi zum Beispill an den USA den aktuelle President Donald Trump.

Wann s du méi genau verstoe wëlls, wat fir verschidde politesch Systemer et ginn a wéi se funktionéieren, da lauschter an eis aner Bäiträg eran, zum Beispill déi iwwert d'Monarchie an d'Republik.

Dem Regierungschef seng oder der Regierungscheffin hir genee Aufgaben a Flichte stinn an der Verfassung. Zu Lëtzebuerg, wéi och a villen anere Länner, leet de Regierungschef zum Beispill de Regierungsrot. De Regierungsrot besteet aus all de Ministeren aus der Regierung. Hei ginn déi wichteg Entscheedungen an der Regierung getraff.

De lëtzebuergesche Regierungschef vertrëtt d'Regierung och bei wichtege Versammlunge mat anere Länner, wéi zum Beispill bei Sëtzunge vun der Europäescher Unioun. Hien oder si kann och gläichzäiteg Minister vun anere Beräicher sinn. Den aktuelle Premierminister Xavier Bettel zum Beispill war gläichzäiteg Kultur- a Medieminister.

De Regierungschef oder d'Regierungscheffin gëtt zu Lëtzebuerg net direkt vun de Bierger a Biergerinne gewielt. Hien oder si gëtt op Basis vum Resultat vun de Chamberwahle vum Grand-Duc als sougenannte Formateur ausgewielt. De Formateur gëtt dann zum Regierungschef. Dat geschitt soubal hien oder si et fäerdegbruecht huet, meeschtens zesumme mat enger oder méi anere Parteien, eng Regierung ze bilden.

Och an anere Länner gëtt de Regierungschef oder d'Regierungscheffin an der Regel net direkt vum Vollek gewielt, mee op Basis vun de Parlamentswahle bestëmmt. Hien oder si kann zum Beispill och vum Parlament gewielt ginn. Sou gëtt an Däitschland de Bundeskanzler oder d'Bundeskanzlerin vum däitsche Parlament, also dem Bundestag, gewielt. Déi aktuell Bundeskanzlerin ass d'Angela Merkel. Déi genau Aart a Weis wéi de Regierungschef ausgewielt gëtt ass also an all Land e bëssen anescht.